ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister an un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An engem rezente Leitartikel am „Lëtzebuerger Bauer" vum 25. Juni 2021 mam spriechenden Titel „Wenn Experten Theoretiker sind" schreift den Direkter vun der Centrale Paysanne, datt et opfalend ass, datt am Observatoire de l'Environnement zwar Soziologen an een „Professor für Heizungs-, Lüftungs- und Klimatechnik" sëtzen, awer keen „Praktiker, der tagtäglich durch seiner Hände Arbeit mit der Natur in Kontakt ist", dat heescht: kee Bauer.

Zugläich weist den Direkter vun der Bauerenzentral an deem Artikel drop hin, datt am Moment 18 Persoune Member vum Observatoire de l'Environnement sinn. D'Gesetz vum 3. August 2005 „concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'Etat et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles" schreift eng Memberzuel vu 14 Persoune fir dëse Gremium vir.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister an un d'Madamm Ëmweltminister:

1) Wéi ass et ze erklären, datt am Observatoire de l'Environnement kee Vertrieder vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft sëtzt?
2) Firwat sinn an deem Gremium zurzäit 18 Persounen, obschonn d'Gesetz just 14 Membere virschreift?
3) Am genannte Gesetz steet: „Les représentants sont nommés par le Ministre pour un terme de trois ans." No wéi enge Critèrë ginn dës Persounen ausgewielt? Wat sinn déi individuell Qualifikatiounen, déi dës Persounen erfëlle mussen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742